



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 28.02.2020
Réf. N° QP-08/20



Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°1783 du 27 janvier 2020 de l'honorable Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Sam TANSON
Ministre de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister op d'parlamentaresch Fro vum Deputéierten Sven Clement
vum 27. Januar 2020 (Nummer 1783)**

Den honorabelen Deputéierten wëll wëssen wéiwäit d'Affären C-623/17 (Groussbritannien), C-511/18, C-512/18 (Frankräich) an C-520/18 (Belsch) virun der CJUE, en Afloss op déi lëtzebuurger Gesetzgebung iwwer d'Datespäicherung hunn.

Fir ze verhënneren, dass et op EU Niveau zu fragmentéierten Legislatiounen am Beräich vun der Datespäicherung kënn, plaidéiert Lëtzebuerg zesumme mat enger Majoritéit vu Memberstaaten fir eng europäesch Léisung, déi konform ass mat der Jurisprudenz vun der CJUE. Déi europäesch Kommissioun schafft den Ament un enger ausféierlecher Etüd fir ze kucken wéi esou eng Léisung op EU Niveau kéint ausgesinn. Och d'Méiglechkeet vun enger legislativer Proposition gëtt vun der EU Kommissioun analyséiert.

Op EU Niveau gëtt et e spezifeschen Aarbechtsgrupp (DAPIX), an deem och Lëtzebuerg vertrueden ass, deem d'Evolutionen an dësem Dossier suivéiert, mam Zil fir eng méiglechst breet Harmoniséierung an deem Beräich op europäeschem Niveau ze kréien.

D'Regierung deelt iwwerdeems d'Aschätzungen vum Parquet a vum Staatsrot, deenen no d'Urteeler vum europäesche Geriichtshaff vun 2014 (Digital Rights) an 2016 (Tele2 Sveridge), d'Directive 2006/24/EG zwar invalidéiert, eist Gesetz vum 30. Mee 2005 dofir awer net ipso jure annulléiert hunn. Fir weider Détailler verweisen ech op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 791 vum 14. Juni 2019 vun den honorabelen Deputéierten Gilles Roth a Laurent Mosar.

Jidder Bierger huet natierlech d'Recht déi national Legislatioun juristesch unzefechten. Et ass dann um Geriicht fir doriwwer ze tranchéieren. Bis haut ass déi national Legislatioun ronderëm d'Datespäicherung net duerch en nationalt Urteel a Fro gestallt ginn.

D'Konklusioun vum Generalaffekot, och wann se oft vum europäeschen Geriichtshaff iwwerholl ginn, sinn och net mat engem rechtskräftegem Urteel vun der CJUE gläich ze setzen. Dofir kënnen dorausser, wéinstens zu dësem Zäitpunkt, keng definitiv Konklusiounen gezu ginn.

Wat d'Fro vun engem eventuellen Moratoire betrëfft, ass ze präziséieren, dass den Generalaffekot sech a senge Konklusiounen op d'CJUE Jurisprudenz am Arrêt "Inter-Environnement" vum 29. Juli 2019 beriff. Dës erméiglecht et engem Geriicht an aussergewöhnleche Fäll, bestëmmten Effeten vun enger net EU-konformer Gesetzgebung oprecht z'erhalen, ënnert der Konditioun dass eng national Dispositioun dat och virgesäit. Esou eng Dispositioun gëtt et aktuell net an eisem Recht.